# AVIS OFFICIEL

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Opgrond vun de Recommandatioune vu staatlecher Säit an der aktueller Situatioun vum COVID-19 Virus, informéiert de Schäfferot vun der Gemeng Préizerdaul, datt d'Büroe vun der Gemeng fir de Public bis op Weideres zou bleiwen.

Di gaunz Zäit bleiwen d'Servicer vun der Gemeng awer disponibel a kenne per Telefon oder mail erreecht ginn:

- Secretariat: 266 299-110 / secretariat@preizerdaul.lu
- Bureau de la population / Etat civil: 266 299-140 / population@preizerdaul.lu
- Recette: 266 299-120 / recette@preizerdaul.lu
- Service technique: 266 299-130 / 621 137 393 / technique@preizerdaul.lu

Absolut essentiell Servicer ginn natierlech och weiderhin assuréiert, e.a.:

- D'Sécherheet an de Fonctionnement vun den Infrastrukturen,
- Akten vum Etat civil.

Desweidere recommandéiere mer Iech all Fester, Reuniounen an Aktivitéiten, déi an engem Gemengegebai geplangt waren, z'evitéieren respektiv ze reportéieren.

D'Schoul an d'Maison Relais am Préizerdaul bleiwen zou vum Méindeg, 16. Mäerz bis Sonndeg, 29. Mäerz 2020.

Merci fir Äert Versteesdemech.

Préizerdaul, 14. Mäerz 2020
De Schäfferot vun der Gemeng Préizerdaul